

Titel: Ech sinn endlech nees zeréck an well menger Équipe zur Säit stoen.

Interview mat eisen laang zéit Verletzten **Matthieu Carvalho dos Santos** an **André Ribeiro Simoes**.

1. Wei ass et no esou laanger Verletzungspaus (Matthieu 15 Méint an André 6 Méint) erëm um Fussballsterrain ze sinn an een Ball unzepaken?

André: Super gudd, endlech erëm mat den Jongen um Terrain ze stoen an dem Trainer Staff ze weisen wat ech alles drop hunn. Bis elo ass mir dat nach net gelongen well ech mech am Summer während da Préparatioun verletzt hunn.

“Duerch den F.C. Vinesca Ehnen ass den Projet iwwerhaapt méiglech gemeet ginn”

Matthieu dos Santos

Matthieu: No 15 méint rëm kennen een Ball un ze packen an mat der Equipe kennen ze trainéieren war wierklech een speziell Gefill well ech sou laang gewaart hunn fir rëm kennen dat ze man wat ech am léifsten hunn. Séit klengem un hat ech ëmmer den Fussball an mengem Alldag an ab dëser Verletzung (Kräizbänner an Meniskus gerass) war ech eben laang net méi um Terrain. Ech misst mech drun gewinnen no ze kucken an d Equipe vun baussen aus ze ënnerstëtzen. Säit ech rëm den Ball upaken kann, ass et wei wann ech een deel wou mir, deen gefeelt huet, rëm fonnt hunn.

den Daring weider Spill zéit sammelen. André, du konns géint den Daring 70 Minutten spillen, wat ass et fir een Gefill kennen Matcher erëm ze spillen?

2. Matthieu, du krus schonn puer Minutten ze spillen virun der Wanter Paus an konns géint

André: Et ass een méi motivéiert. Ech hunn laang op deen Moment gewaart fir mat den Jongen endlech erëm um Terrain ze stoen. Bon leider huet net alles geklappt wei geduecht an muss nach un puer Saachen schaffen, mee souguer dodrop freeën ech mech. Ech sinn endlech nees zeréck an well menger Équipe zur Säit stoen.

Matthieu: Dass en gutt Gefill kennen rëm um Terrain d 'Équipe ze hëllefen an eben och mol rëm dobäi ze sinn am Grupp well et eben virun der Verletzung eben eng Routine war ob déi ech eben misst verzichten an dat Gefill rëm ze hunn déi Routine rëm ze kréien ass einfach eenzegaarteg.

3. Während ären Verletzungen, konnt dir der Equipe Sonndes aktiv net hëllefen, wei gidd dir mat esou enger Situatioun em an wei kann een als Spiller der Equipe hëllefen vun baussen?

Matthieu: Hunn vill mat den Spiller geschwat virun den Matcher an och probéiert an den Matcher Sie sou vill wei méiglech ze ënnerstëtzen. Obwuel ech net um Terrain konnt hëllefen, hunn ech op meng Art a Weis probéiert d 'Equipe ze ënnerstëtzen andeems ech déi bescht Grill Wurstchen gegrillt hunn sou dass d 'Jongen no dem Match mat eppes Guddes ze iessen tréischten konnt oder mat vollen Bauch konnten weider feieren bis spéit owes wann déi 3 Punkten doheem bliwwen sinn.

André: Et muss een d 'Équipe vun baussen ufeieren, Präsenze weisen. Den Match analyséieren an mat verschiddenen Spiller mol schwätzen, well mir vun baussen d 'Spill besser gesinn an kennen domat den Jongen puer tipps ginn.

4. Dir huet een Kiné am Veräin mee och Privat, wei koordinéiert dir dat ganzt fir net den nämmechten Dag déi selwecht Behandlung ze kréien?

Matthieu: Well ech eben privat 3 Deeg d' Woch bei den Kine gaangen sinn, hunn ech eben ëmmer gekuckt dass ech den Dag wou den Kine um Training war, meeschtens ëmmer vill Renforcement musculaire an Stabilisatioun gemeet hunn.

André: Ganz einfach, ech war déi ganzen Zäit a Kontakt mat deenen zwee Kinéen an mir hunn eis ëmmer virun da Eenheet organiséiert wat gemeet gëtt. Mam privaten Kiné hunn ech vill un da Récupératioun, Stretching an Massage geschafft. Mam Kiné vum Veräin war ech dann méi mam Ball gefuerdert.

5. Sidd dir zefridden mat der Leeschtung vun ärer Equipe?

André: Kloer, d'Jongen ginn hier d' bescht wann se um Terrain stinn. Et gesäit een bei gewëssen Spiller eng kloer Entwécklung no fir. Do mierkt een wat fir een Teamgeesch mir zu Ehnen hunn.

Matthieu: Jo, fannen mir hunn eng gudd eischt Rond gemaach. Muss en bedenken dass den ganzen Grupp sech räicht séit Mëtt Juni kennen geleiert huet an dat huet eis och am Ufank vum Championat puer Punkten kascht. Mee och wann mer net den beschten Ufank haten, hunn mir ëmmer weider eist bescht ginn an hunn dofir vill Punkten zum Schluss vun der Hironn gesammelt. Als Equipe sinn mir méi grouss ginn wat en mega wichtige Schrott ass fir lo den recht vum Championat.

6. Ass een net e bëssen jalouse wann een muss vun baussen kucken an ewéi äre Kollegen gudd Resultater bréngen? Oder freet een sech mat der Equipe?

André: Un sech ass een schonn e bëssen jalouse well et wëllt een gären zum Gruppe gehéieren déi eng super Leeschtung bréngen, mee natierlech freet een sech wann Equipe Succès huet. Mir sinn eng Équipe, op een um oder baussen vum Terrain ass, mir wëllen ëmmer dass Ehnen déi 3 Punkten hellt.

Matthieu: Dass jo kloer dass en am léifsten spillen géif, mee kloer dass wann d 'Équipe gudd Resultater bréngt dass en sech mat der Equipe mat freet well en d 'Équipe no fir bréngen well an dann ass egal ween spillt Haaptsaach d 'Resultater stemmen.

7. Sidd dir zefridden mam Veräin? Wat mëscht dësen Veräin esou speziell géigeniwwer den aneren Veräiner?

Matthieu: Sinn wierklech mega zefridden mam Veräin an dofir och en groussen Merci un den Comité vun Ehnen dei den Jugendlecher eng Chance wëllen ginn an sech mat den Jugendlechen komplett identifizéieren. Duerch den F.C. Vinesca Ehnen ass den Projet iwwerhaapt méiglech gemeet ginn.



Den Veräin F.C. White Lion an den F.C. Vinesca Ehnen ass speziell fir mech well d' Atmosphär einfach méi familiär an kollegial ass. En plus ass den F.C. White Lion, wou ech als Grënnungsmitglied an als Comitésmember vum Ufank un dobäi sinn, hunn den ganzen Prozess matgemaach an dat mësch dat dat ganz einfach alles esou speziell ass.

André: Ganz zefridden. D 'zesummen Aarbecht mam Trainerstaff ass einfach genial. Mir kennen wierklech vun Chance schwätzen esou Traineren bei eis am Veräin ze hunn. Sie setzen sech ganz vill fir eis an a se wëllen nëmmen dat bescht fir all eenzel Spiller. Wat esou speziell drun ass? Den Group huet sech säit Juli einfach méi verstärkt, et hunn sech lauter nei Frëndschaften gebillt an um Terrain ass och eng positiv Kierper Sproch ze gesinn.

8. Wat wënscht dir lech perséinlech am sportlechen mee och am privaten Beräich?

André: Mäin Selbstvertrauen ze stäerken. Séit menger Verletzung am Joer 2016 hunn ech vill un Selbstvertrauen verluer un mengen fussballeresch Fäegkeeten an et gëtt mol Zäit dat nees zeréck ze gewinnen.

Matthieu: Am sportlechen Beräich wënschen ech mer den Opstieg vun der Equipe am Schluss vun der Saison an am privaten Beräich wënschen ech mer dass alles sou bleift wei et am Moment ass.

9. Wat ass Ziel an den nächsten 3 Joer?

Matthieu: Ma Ziel an den nächsten 3 Joer ass mol sécher den Opstieg an 2. Divisioun an dann awer och dass all Spiller seng sportlech Zieler erreecht wou en sech ganz am Ufank vum Projet gesat huet.

André: Ziel an den nächsten 3 Joer ass mol sécher mat Ehnen esou weit ze kommen wei et nëmmen geet. All Saison fir den Opstieg ze kämpfen.

10. Kennst dir eisen Supporter an den Fussballbegeeschter Leit erklären wei eng Grënn et ginn fir Sonndes op Ehnen een Match kucken ze kommen?

André: Mir Jongen ginn alles fir den Veräin, mee mir brauchen och Supporteren déi eis ufeieren kommen. Fir Spiller an Equipe gëtt et näischt méi Schéines wann Sie spieren dat den 12ten Mann ëmmer do ass an d'Équipe bei schlechten Phasen vum Match no fir gepeitscht gëtt. Dat motivéiert an kraazt puer Prozent méi eraus vun den Spiller an herno kann Equipe, zesummen mat den Supporteren, feieren op déi 3 Punkten.

Matthieu: Sonndes ass ëmmer sou een Dag wou een net richtig weess wat een soll man, ma dann hunn mir déi richtig Léisung fir iech. Kommt op Ehnen eis Spillereënnerstëtzen well desto méi mir sinn desto méi Vertrauen an Motivatioun hunn eis Spiller um Terrain.

En plus ass et den perfekt Lokal fir Sonndes Mëttes virum Match mat der Famill spazéieren ze goen, weem gefällt et net een Spazéiergang bei der Musel.

Mir soen lech Merci dem André an dem Matthieu fir dat flott Gespräch.

Bis geschwënn an hoffen op eng Verletzung s fräi Saison.

Mir stellen lech den Profil vun eisem 2 Spiller fir, do gesidd dir wat seng Virléiften sinn an iwwer wat hien gudd laachen kann:

André Ribeiro

FOOTBALL

- **Mon âge: 22 ans**
- **Ma position: défenseur droit**
- **Ma taille: 175 cm**
- **Mon surnom: drew**
- **Mes clubs jusqu'à présent: FC RED STAR MERL, FC BLO WAISS ITZEG**
- **A Ehnén depuis: 2021**
- **Mon meilleur match jusqu'à présent: Fc Blo-Waiss Izeg vs Belval 2018**
- **Mon meilleur adversaire: Dirk Carlson**
- **Ma pire blessure: déchirure isco jambier/ luxation de la hanche**
- **Mon idole dans la jeunesse: Luis Figo**
- **Mon club préféré: SL Benfica**
- **Mes objectif sportif: retrouver ma meilleure forme de 2018.**

PRIVÉ

Mon boulot/ma profession: Educateur

- **Mes hobbies en plus du football: /**
- **Ma devise de vie: If You Expect Disappointment, Then You Can Never Really Be Disappointed**
- **Ce dont je peux être heureux: Mon parcours de vie jusqu'à présent**
- **Qui je voudrais rencontrer: Castro1021**
- **Où je voudrais vivre: Crète**
- **Ma nourriture préférée: Fruits de mer**
- **Ma boisson préférée: Rosport Sunny Zitroun**
- **Mon/ma musicien(ne) préféré(e): Ninho / Hatik**
- **Ma chanson préférée: mapessa - Leto, Tiakola**
- **Mon acteur/actrice préféré(e): Omar sy**
- **Mon film/ma série préféré(e): Demain tout commence**
- **Ce dont je peux rire: de tout**

Matthieu Dos Santos:

FOOTBALL

- **Mon âge: 22**
- **Ma position: Allrounder**
- **Ma taille: 180 cm**
- **Mon surnom: Matthew**
- **Mes clubs jusqu'à présent: Swift Hesper, Blo weiss Itzeg, FC Käerch, FC Vinesca Ehenen**
- **A Ehenen depuis: 2021**
- **Mon meilleur match jusqu'à présent:**
- **Mon meilleur adversaire:**
- **Ma pire blessure: ligaments croisés et ménisques**
- **Mon idole dans la jeunesse: özil**
- **Mon club préféré: FC Porto**
- **Mes objectif sportif: Donner toujours le max pour l'équipe et de m'amuser**

PRIVÉ

- **Mon boulot/ma profession: Educateur gradué**
- **Mes hobbies en plus du football: voyager, aller boire un verre avec des potes**
- **Ma devise de vie: Once you've matured you realize that silence is more powerful than proving a point**
- **Ce dont je peux être heureux: Que toute ma famille soit en bonne santé, que j'ai réussi mes études et bien sûr de la création de White lion 😊**
- **Qui je voudrais rencontrer: Madisson Beer**
- **Où je voudrais vivre: Mexico**
- **Ma nourriture préférée: Francesinha**
- **Ma boisson préférée: Ice Tea Peach**
- **Mon/ma musicien(ne) préféré(e): Rui Fontelas & Yannick Goncalves**
- **Ma chanson préférée: Só tem eu**
- **Mon acteur/actrice préféré(e): Kevin Hart**
- **Mon film/ma série préféré(e): Creed/ Last Chance U: Basketball**
- **Ce dont je peux rire:**